

Evangelium vum 2. Adventssondeg (Joer B)

Mk 1,1-8

G. Den Här sief mat iech all.

A. An och mat lech.

G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.

A. Dir all Eier, Här.

¹ Ufank vum Evangeliumⁱ vum Jesus Christus,
dem Herrgott sengem Jong.

² Esou wéi beim Prophét Isaias geschriwwe steet:
– *Kuck, ech schécke mäi Buet virun dir hier:*
Hie bereet däi Wee vir.

³ *Eng Stëmm rífft an der Wüüst:*
Maacht dem Här säi Wee prett,
maacht seng Pied grued!ⁱⁱ –

⁴ esou ass de Johannes den Deefer an der Wüüst opgetratt,
an hien huet eng Daf vun der Ëmkéier verkënnegt,
fir datt d'Sënnen nogelooss géifen.

⁵ D'ganzt Land Judäa an och all d'Awunner vu Jerusalem
hunn sech op de Wee gemaach a si bei hie gaang;
si hunn sech vun him am Jordan deefe gelooss,
an dobäi hunn si hir Sënnen agestan.

⁶ De Johannes hat e Kaméilspelz un
an e lieder Rimm ëm d'Hëffen,
an hien huet vun Heesprénger a wëllem Hunneg gelieft.

⁷ Hien huet verkënnegt:
"No mir kënnt een, dee méi staark ass wéi ech;
ech sinn et net wäert,
mech ze bécken an d'Stréckele vun senge Sandale lasszemaachen.

⁸ Ech hunn iech mat Waasser gedeeft,
hien awer deeft iech mat hellegem Geesch."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.
A. Dech, Christus, luewe mir.*

ⁱ *Evangelium heescht iwwersat "gutt Noriicht".*
ⁱⁱ *Is 40,3 LXX; Ex 23,20; Mal 3,1.*